Kommentar Franky Hippert RTL Radio 2010 11

Iwert déi néideg Reduzéierung vun der BGL Liga no der 15-0 Victoire vum F91 Diddeléng géint den FC Wooltz71

Elo huet emol nees eng Kéier eng Equipe an der Nationaldivisioun zweestelleg gewonn.

Dat kann natierlech e „Jour sans“ vum Verléierer gewiescht sinn.

An dësem Fall behaapten ech awer, datt dat näischt mat engem schlechten Dag ze dinn huet.

Den F91 Diddeleng ass einfach zwou Klassen besser wéi déi meescht Equipen an der ieweschter Divisioun.

Elo hat et e Sonndeg esouvill gerabbelt. Déi Leit, déi Diddeleng suivéieren, wëssen awer, datt et quasi all Spilldag esou kéint ausgoen, wann de Géigner net zu 10 hannendransteet, oder Diddeleng esouvill Goalchance bräicht fir ze marquéieren.

Kann een deenen Diddelenger e Virworf maachen?

Net direkt. Si halen sech un d'Statuten, an huet mat Da Mota, Payal oder Joubert och Nationalspiller an den éischten 11.

Muss Diddeleng säin Niveau no ënnen upassen, oder mussen déi anerer Equipen Efforte maachen, fir méi no un den F91 ze kommen?

Den Haaptproblem ass, datt d'Nationaldivisioun mat 14 Equipen ze grouss ass. Ënnen an der Tabell si Formatiounen, déi dem Niveau vum Lëtzebuerger Football keen Déngscht leeschten.

D'Nationaldivisioun muss op 8 Equipe reduzéiert ginn. Kuckt een d'Tabell dann huet een e Bild dat dës Fuerderung confirméiert. D'Equipen op den Plazen zwee bis 7 si just duerch 4 Punkte getrennt. Wat géifen dat intensiv Matcher an der héchster Spillklass ginn, souwuel fir d'Spiller, wei och fir d'Spectateuren.

D'Nationaldivisioun reduzéieren, gëtt och ëmmer nees vun den respektive FLF-Nationaltrainer gefuerdert.

Zu der Zäit vum fréieren Nationaltrainer Paul Philipp, haut FLF-President, war dat schonn de Fall. De fréieren Nationaltrainer Guy Hellers ass net midd ginn ze widderhuelen, datt 8 Equipe vill besser fir den Niveau vum Lëtzebuerger Football wäre wéi 14. An och den aktuelle Mann um FLF-Trainerstull Luc Holtz huet an sengen 3 éischte Méint gesot, datt ee Punkt vu villen, fir datt et besser gëtt mam Niveau vum Football op héchstem Niveau hei am Land, eng méi kleng Nationaldivisioun wär.

Dir Häre aus dem FLF-Verwaltungsrot, leet d'Poltik fir ee Moment an den Eck, huelt äre Courage zesummen, ouni u méiglech Stëmmen ze denken, déi um nächste Kongress kënne feelen, an reduzéiert d'Nationaldivisioun endlech op eng raisonnabel Zuel.